



een Deel vun enger Erfindung, an dann ass et oft esou, datt d'Beschreibung a Biller an a Form vun Erklärungen net duergeet. Dëse Problem huet derzou gefouert, datt den Office des brevets nationaux an de 60er Joren et obligatoresch gemaach huet, fir bei Erfindungen an der Mikrobiologie bei all Brevet een Dépôt vun de Mikroorganismen ze maachen.

D'Mikroorganisme mussen also och fir d'Öffentlechkeet verfügbar sinn. Dat ass normalerweis iwwer ee spezialiséiert Institut gemaach ginn, dat d'Gérance vun de collectéierte Mikroorganisme gemaach huet. Vu datt et awer keen uniforme System ginn ass, deen den Dépôt unerkannt huet, hu vill Titulairë vu Brevete missen dës Dépôts a ville Länner maachen, well se soss Gefor gelaf sinn, eng Annullatioun vun hirem Brevet ze kréien, well se sech net un de Kritär vun der Öffentlechkeet gehalen hunn.

Här President, et ass an dësem Kontext, datt d'Organisation mondiale de la propriété intellectuelle d'Méiglechkeet ausgeschafft huet, fir ee System vun internationaler Unerkennung fir den Dépôt vu Mikroorganismen, déi fir Brevete geholl ginn, unzëbidden. Den Traité vu Budapest vum 28. Abrëll 1977 ass genau dësen internationalen eenheetleche System fir den Dépôt vu Mikroorganismen. An dësem Sënn erkennt den Traité de Budapest sougenannten ADlen un, dat heescht Autorités de dépôt internationales.

All Land, dat den Traité ëmgesat huet a wat beim Ausstelle vun engem Brevet den Dépôt vu Mikroorganisme verlaangt, muss zu dësem Zweck och den Dépôt bei dësen ADlen unerkennen, egal wat fir eng Autorité de dépôt internationale et ass a wou se ass. De Règlement d'exécution vum Traité de Budapest définiert ganz detailléiert, wat fir eng Prozeduren den Déposant vun de Mikroorganismen an awer och d'ADlen anhale mussen. Dës Prozedure betreffen d'Durée vun der Haltbarkeit vun de Mikroorganismen an de Mechanismus, wéi een d'Échantillons aushänge kann.

Den Traité de Budapest ass den 8. Dezember 1980 vu Lëtzebuerg ënnerschriwwen ginn, mä ass duerno ni ratifizéiert ginn. A Lëtzebuerg selwer ass et eréischt iwwert d'Gesetz vum 20. Juli 1992 obligatoresch ginn, datt een an der Matière vun der Biologie, fir esou ee Brevet d'invention ze kréien, een Dépôt vu Mikroorganisme muss maachen. Dëst Gesetz ass den 1. Januar 1998 a Kraaft getrueden. Bis haut ass an deem Beräich awer nach keen Dépôt de brevet gemaach ginn, well d'Entreprises an d'Instituter op déi europäesch an international Prozeduren zréckgegraff hunn.

Politesch ass et awer wichteg a wëschenswäert, datt Lëtzebuerg dësen Traité de Budapest géif ratifizéieren, well dësen Traité op der Lëscht vun den internationalen Traitéen an dem Domän vun der Propriété intellectuelle vun de Memberlänner vun der EU steet. Vun den 33 États membres vun der Organisation européenne des brevets hu just Lëtzebuerg, Zypern a Malta den Traité vu Budapest nach net ratifizéiert. Wann dësen Traité a Lëtzeburger Recht iwwergaangen ass, da kann den Déposant fir e Brevet hei zu Lëtzebuerg de Mechanismus vun der internationaler Unerkennung vum Dépôt vun de Mikroorganismen notzen. De Ministère oder déi zoustänneg Administratioun brauch also net méi ze soen, wou den Dépôt misst gemaach ginn.

A sengem Avis vum 10. November 2009 weist de Statsrot dorobber hin, datt dëse Projet de loi sech an d'Kontinuitéit vun der Regierung areit, verschidden Instrumenter, Moosnamen unzuhuelen, déi vun der Organisation mondiale de la propriété intellectuelle betreit ginn. De Statsrot proposéiert och, den Traité de Budapest mat sengem Règlement d'exécution, esou wéi e vu Lëtzebuerg ënnerschriwwen ginn ass, unzuhuelen.

Eng aner Remarque war, datt de Législateur am Text direkt soll op den Traité selwer verweisen, amplaz iwwer Règlement ministériel ze soen, wat fir een Institut fir een Dépôt ka geholl ginn. D'Kommissioun, dat heescht, d'Ékonomieskommissioun, huet sämtlech Remarque vum Statsrot iwwerholl, esou wéi Dir et kënnt a mengem schrëftleche Rapport noliesen.

Den Traité de Budapest vereinfacht also déi administrativ Prozedur, an et kann een och erwähnen, datt dëse Projet de loi keng finanziell Obligatiounen an Dépense fir de Stat mat sech bréngt. Ech soen lech Merci, datt Der mer nogelauschtert hutt, an ech géif natierlech den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Rapporteur Merci, an elo huet d'Madame Martine Mergen d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Martine Mergen (CSV).**- Merci, Här President. D'CSV-Fraktioun gëtt hiren Accord zu dësem Gesetzestext, deen, wéi den Här Rapporteur a sengem schrëftlechen a mündleche Rapport op eng exzellente Aart a Weis définiert huet, eng Simplification administrative bedeit respektiv eng Simplificatioun fir d'Administratioun, well, wann esou e Brevet am biologesche Beräich muss oder soll déposiert ginn, dann huet bis elo missen de Ministère en Institut sichen, deem d'Unerkennung ginn ass, fir et unzuhuelen. Neierdäns, a mat dem Budapester Traité, deem mer heimadder bäitrieden, gëtt et en internationalen Erkennungsmechanismus, deen déi Saach, wéi gesot, wesentlech vereinfacht. D'CSV gëtt also heimat hiren Accord.

► **M. le Président.**- Dann huet nach den Här Bauler sech agedroen.

► **M. André Bauler (DP).**- Ech géif dem Rapporteur Merci soe fir seng Ausféierungen an den Accord vu menger Fraktioun ginn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Gutt, ech mengen, domadder wier nu wierklech alles gesot, a mir kéimen direkt zum Vote vum Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote geet un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

(Interruption)

Entschëllegt, hei si mer am Kader vun engem Traité: Et gëtt hei kee Vote par procuration. Also Är Apparater funktionéieren alleguerten. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6013 ass ugehall mat 51 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Lucien Clement, Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, M. Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dann hu mer als leschte Punkt vun eiselem Ordre du jour de Projet de loi 6080, en Accord tëschent de Benelux-Staten iwwert d'Réadmission des personnes en séjour irrégulier. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht, an et huet sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Mergen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

10. 6080 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre les Etats du Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg, le Royaume des Pays-Bas) et la République d'Arménie relatif à la réadmission des personnes en séjour irrégulier et du Protocole d'application, signés à Bruxelles, le 3 juin 2009

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, de President huet gesot, ëm wat et geet. Et geet ëm en Accord de réadmission zwëschent de Benelux-Länner an der Republik Armenien. Dat Ganzt gouf am Juni, den 3. Juni 2009 zu Bréssel ënnerschriwwen, a mir sinn elo Dezember, also sechs Méint duerno. De Projet ass déposiert gi ganz schnell vum Ministère. De Statsrot huet seng Aarbecht ganz séier gemaach, an ech mengen, mir als Kommissioun och.

Deen Accord hei reit sech an eng Rëtsch vun Accorden am Kontext vun der Lutte géint déi klandestin Immigratioun. Duerch esou Accorden, wéi mer der scho vill heibanne gestëmmt hunn, gëtt et jo ganz prezis Obligatiounen a réciproque Obligatiounen, déi de Retour vun de Leit vereinfachen, wa se sech illegal an engem Land ophalen, de Retour an hiert Ursprungsland oder de Retour an hiert Transitland.

Ech hunn a mengem schrëftleche Rapport e Rappel un den Traité d'Amsterdam vun 1999 gemaach an och de Pacte européen sur l'immigration. Ech wëll duerfir mündlech net méi dorop agoen. Ech hunn och ganz kuerz d'Relatiounen zwëschent Armenien an der Unioun beschriwwen, déi jo hiert juristescht Fundament op engem Accord de partenariat et de coopération hunn, deen 1999 en vigueur getratt ass. Armenien ass och Member vun der Politique européenne de voisinage a säit 2009 jo och eent vun de sechs Partnerlänner vun der EU am Kader vum Partenariat oriental.

Hei ass en Accord de réadmission, dee mer am Kader vun der Benelux maachen. D'Länner kënnen och bilateral där Accordë maachen, awer nëmmen, wann d'Kommissioun nach kee Mandat kritt huet vum Europäesche Ministerrot, fir selwer ze négociéieren.

Dësen Accord huet 17 Artikelen. Deen éischten Artikel, do geet et ëm d'Definitionen. De véierten ass vläicht wichteg ze erwähnen. Dat ass deen, wou d'Prozedure festgeluecht ginn, wéi d'Identitéit an d'Nationalitéit vun enger Persoun, déi soll réadmis ginn, vun engem Land kënnen bewise ginn.

Den Artikel 6 vum Protokoll seet och, wien hei zu Lëtzebuerg zoustänneg ass dofir; dat ass d'Direction de l'immigration. Den Artikel 6 vum Accord seet och, dass all Partei en Délai vun 30 Deeg huet, wou se muss äntwerten op eng Demande.

E wichtegen Artikel ass den Artikel 9, deen déi spezifesch Regele festschreift, déi ze respektéieren sinn en matière de protection vun den Donnéeën. An dann am Artikel 11 geet et ëm e Comité d'experts, an den Artikel 14 seet, dass d'Hollänner dësen Accord däreifen erweideren op d'Hollännesch Antillen an op Aruba, wa se dat wëllen.

De Conseil d'État huet de 24. November en Avis positif heizou ginn. An ech ginn och domadder den Avis vun eiser LSAP-Fraktioun a bieten déi aner Fraktiounen, dat nämlech ze maachen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Angel Merci fir säi Rapport. Da kritt elo d'Wuert: d'Madame Mergen.

Discussion générale

► **Mme Martine Mergen (CSV).**- Jo, och hei wëll ech dem Här Angel Merci soe fir säi gudde schrëftlechen a mündleche Rapport. Et geet, wéi e gesot hat, ëm e Réadmissiounsaccord tëschent de Benelux-Staten an Armenien. Et ass wichteg, dass mer där Accordë mat deene ganzen Immigratiounslänner hunn, fir och ze verhënnere, dass legal mat illegaler Immigratioun vermëscht gëtt an dass déi Leit heiansdo jorelaang an der Luucht hänken, ier eng Décisioun geholl gëtt. D'CSV gëtt heimadder hiren Accord zu dësem Projet.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Och der Madame Mergen Merci. Domadder wär alles gesot zu dësem Projet de loi. Mir kéimen dann elo direkt zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6080 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), MM. Fernand Boden (par M. Raymond Weydert), Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Michel Wolter), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Lucien Thiel), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Marc Spautz), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Jean-Paul Schaaf), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par M. Ben Scheuer), Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Domadder si mer um Enn vum eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer fir déi leschte Sitzung an dësem Joer um hallwer dräi nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.26 heures)

